Espace~Famille

Service d'information, de consultation et de rencontre

E~F NEWS 6 - 2013

S.2.....Informatiounen aus dem E~F

S.3.....Internationalen Daag vun de Leit mat enger Behënnerung

S.5.....Interessanterweis notéiert

S.9.....Kaffispaus mam Bianca Gary

Mir wënschen Iech eng flott Lektür ☺

Informatiounen aus dem *Espace~Famille*

Hei sinn d'Datumer fir eis Owends-Gruppen ab Januar 2014.

Elteren~Owender : Emmer Méindes owends vun 19h – 21h:

20. Januar

10. März

28. Abrëll

Geschwëster~Gruppen : Emmer Donneschdes owends vun 19h – 21h :

6. Februar

3. Abrëll

Save the dates ☺

CB

3. Dezember :

Journée Internationale des personnes handicapées

Afin de favoriser l'intégration et l'accès à la vie économique, sociale et politique des personnes handicapées, une Journée Internationale des Personnes Handicapées à été proclamée, en 1992, par les Nations Unies, à la date du 3 décembre.

Cette journée mondiale est par ailleurs l'occasion idéale de réaffirmer certains principes de base, trop souvent oubliés: "Tous les êtres humains naissent libres et égaux en dignité et en droits". Le respect de cette dignité due à chaque personne, valide ou non, implique la reconnaissance de droits fondamentaux comme l'éducation ou l'accès au travail.

Les manifestations organisées à cette occasion nous invitent à de modifier le regard que nous portons sur les personnes handicapées.

Sortir la journée du 3/12 de l'ombre médiatique

Depuis 2011, cette journée possède son étendard, son symbole... sous la forme d'un badge à porter sur soi. Cette initiative revient à une association belge, l'**ASPH** en collaboration plus d'une trentaine d'autres associations.

Lors de la création du badge, le choix définitif s'est porté sur le cercle violet:

- le cercle est synonyme de perfection, d'absolu, d'infini
- le violet symbolise l'unité, le peuple et la démocratie chez les Romains.

Oui, les personnes handicapées font partie de la société civile.
Oui, les personnes handicapées sont des citoyennes à part entière.
Oui, les personnes handicapées revendiquent leur place.

Le grand public est amené à reconnaître la personne handicapée comme l'une des leurs.

Le badge rappelle que la personne handicapée est une personne avant d'être un handicapé. Il rappelle que la personne handicapée fait partie intégrante de la société.

Rassembleur, fondamental, facile, ce badge est le symbole d'un secteur... celui du handicap.

(http://www.journee-mondiale.com/158/journee-internationale-des-personnes-handicapees.htm)

Hei zu Lëtzebuerg këmmert de Service INFO-HANDICAP sech drëm, Aktivitéiten ze koordinéiere bei Geleeënheet vum 3. Dezember. An eiser nächster Ausgab komme mir op déi verschidden Aktiounen, déi am Behënnerteberäich stattfonnt hunn, zréck.

Wann Dir wëllt, kënn Dir och selwer scho mol op hirem Internet-Site (www.info-handicap.lu) ronderëm kucken. Si hunn ënnert anerem och eng Brochür erausginn, wou si iwwert déi vergaange Joeren an Aktiounen informéieren.

Oder awer Dir gedëllegt Iech bis eisen nächste Bulletin ☺.

Interessanterweis notéiert :

Et gëtt eng ganz Rei vun interessanten Internet-Siten, déi sech mat Themen aus dem Beräich vu Leit mat enger Behënnerung ausernee setzen. Mir hunn des Kéier deen heiten erausgepickt :

http://www.nachrichtenleicht.de/

Dësen däitsche Site huet sech drop spezialiséiert, Alldaagsnorichten an enger liichter Sproch ze vermëttelen. Dat ass eng Méiglechkeet, fir dat Persoune mat enger geeschteger Behënnerung sech kënnen sou gutt wéi méiglech selwer informéieren, siew dat zum Thema Politik, Sport, Kultur, asw. Déi mëscht Leit wësse ganz gutt, mat Computer an I-Pad asw. ëmzegoen, an et ass flott, wann si niewent Facebook a Youtube och e Site kënne fannen, wou si op eng verständlech Aart a Weis Informatioune kënne kréien.

Fir dass Dir Iech kënnt e Bild dervu maachen, wéi Noriichten a leichter Sprache vermëttelt ginn, hu mir als Beispill de folgenden Text erausgesicht. Hei gesäit een, dass och déck komplizéiert Themen ugeschwat ginn an et stellt ee fest, wéi kleng Detailer (an der Schreiwweis oder mat méi Explikatiounen o.ä.) hëllefe kënnen, d'Kommunikatioun en Etleches méi einfach zougänglech ze maachen.

Luxemburg lockert Bank-Geheimnis

Das Land Luxemburg will sein Bank-Geheimnis lockern. Das bedeutet, dass die Banken nicht mehr geheim halten dürfen, wer bei ihnen Geld auf dem Konto hat.



Luxemburg: Weit hinten sieht man die großen Banken des kleinen Landes (Bild: picture alliance / dpa)

Das neue Gesetz soll ab dem Jahr 2015 gelten. Das hat der Regierungs-Chef von Luxemburg gesagt. Er heißt Jean-Claude Juncker. Die Regierungen von Deutschland und anderen Ländern finden die Entscheidung richtig.

Bisher ist es so: Wenn ein Deutscher sein Geld nach Luxemburg bringt, kann er Steuern sparen. Denn das Finanz-Amt in Deutschland erfährt erstmal nichts von dem Geld, auch wenn das nach dem deutschem Gesetz nicht richtig ist. Das soll sich jetzt ändern: In Zukunft sollen die Banken aus Luxemburg dem deutschen Finanz-Amt Bescheid sagen. Andere Länder machen das jetzt schon so. Die einzigen Ausnahmen in der EU waren Luxemburg und Österreich. Jetzt bleibt nur noch Österreich übrig. Deshalb wird nun auch dort über das Thema diskutiert.

Das Bank-Geheimnis ist im Moment ein wichtiges Thema. Vor kurzem haben Journalisten herausgefunden, dass viele bekannte Menschen geheime Konten im Ausland haben. Dadurch sparen diese Menschen Steuern. Das ist zwar nicht immer verboten. Viele Menschen finden es trotzdem nie gut, wenn Reiche ihr Geld ins Ausland bringen. Sie finden, die Reichen sollten in ihren Heimat-Ländern Steuern zahlen.

Dieser Beitrag wurde am 12.04.2013 veröffentlicht.

Wie gefällt Ihnen unsere Internet-Seite? Schreiben Sie uns unter nachrichtenleicht@dradio.de

Text anhören
00:00**00:00**
Error loading: "http://www.nachrichtenleicht.de/wp-content/uploads/2013/04/Luxemburg.mp3"

- **Audio zum Runterladen**

Was bedeutet ...

- **Bank-Geheimnis**
- **EU**
- **Finanz-Amt**
- **Luxemburg**

Was bedeutet ...

- **Bank-Geheimnis**

  Bank-Geheimnis bedeutet, dass Banken nicht verraten dürfen, wer wieviel Geld hat. Es gibt auch Ausnahmen vom Bank-Geheimnis, zum Beispiel wenn die Polizei einen Verbrecher sucht.

- **EU**

  EU ist die Abkürzung für Europäische Union. In der EU arbeiten 28 Länder zusammen. Auch Deutschland gehört zur EU. Nach dem 2. Weltkrieg haben sich einige Länder in Europa zusammengetan. Sie wollten, dass es in Europa nie wieder Krieg gibt. Nach und nach kamen

immer mehr Länder dazu. Die EU kann Gesetze machen. Die Gesetze gelten dann in allen EU-Ländern. Die meisten EU-Politiker arbeiten in Brüssel. Das ist die Hauptstadt von Belgien.

- **Finanz-Amt**

Beim Finanz-Amt müssen Bürger und Firmen ihre Steuern bezahlen. Das Finanz-Amt rechnet aus, wieviel Steuern jeder bezahlen muss. In Deutschland gibt es in jeder größeren Stadt ein Finanz-Amt. Von dem Steuer-Geld werden dann zum Beispiel Straßen und Schulen gebaut.

- **Luxemburg**

Luxemburg ist ein kleines Nachbar-Land von Deutschland. Luxemburg gehört zur EU. In Luxemburg sprechen die meisten Menschen Luxemburgisch, Deutsch oder Französisch.

Hei zu Lëtzebuerg hu mir zwar nach keng “Dageszeitung” an deem Genre. Allerdéngs gëtt et e Service, dee sech drëm këmmert, “leichte Sprache” ze promovéieren : de Service KLARO.

De Service organiséiert a regelméissegen Ofstänn Owender, wou si zesumme mat Persoune mat engem geeschtegen Handicap Bicher kucken, liesen (wann dat méiglech ass), Informatiounen erklären, asw.

Klaro, APEMH, Domaine du Château
10, rue du Château
L-4976 Bettange/Mess
info@klaro.lu
Telefon: 37 91 91 - 321
Fax: 37 16 96

Sou, an elo gëtt et héich Zäit fir eng Kaffispaus! An och do geet Rieds iwwert eng Initiativ fir Informatioun verständlech ze vermëttelen, an zum Empowerment vu Leit mat engem geeschtegen Handicap bäizedroen.

Kaffispaus mam… **Bianca Gary (21.10.2013)**

Moien. Kënn Dir Iech kuerz virstellen ?

Mäin Numm ass Bianca Gary. Ech sinn Diplom-Pädagogin vu Formatioun a schaffe säit Dezember 2005 bei der Ligue HMC. Am Ufank war ech Coordinatrice vum Beräich Restauratioun (d.h. de Kichen- a Cantine-Grupp an d' Restauranten). Entretemps sinn ech nach 1/2 –temps Coordinatrice vun den Atelieren "Service pour entreprises" an eng vun 2 mi-temps Responsabelen vum Service Life ACADEMY.

Firwat dee Wiessel?

Well meng Arbecht no an no eng nei Définitioun kritt huet. Fir d'éischt sinn d'Atelierën Services pour Entreprises derbäi komm an dunn de Projet Life Academy.

Wou erëm geet et an deem Projet eigentlech?

Ma de Projet Life Academy ass am Fong entstanen am Kontext vun der UN Konventioun iwwert d'Rechter vu Persoune mat enger Behënnerung, déi Lëtzebuerg am Juli 2011 ratifizéiert huet. D'Ligue HMC këmmert sech an deem Kader méi spezifesch em Persoune mat enger sougenannter geeschteger Behënnerung a mécht sech staark fir hier Selbstbestëmmung, hier Autonomie. Esou ass d'Life ACADEMY och an hirem Konzept : Et geet drëm, de Leit ze erméiglechen, hier eegen Décisiounen ze huelen. Dofir brauch een Zougang zu genuch - an deene richtegen Informatiounen. Fir dass d'Leit kënnen e gudde Choix maachen, mussen si iwwert hier Rechter an hier Pflichte Bescheed wëssen. Mir bidden an deem Sënn Aktivitéiten un, déi des Informatioune vermëttele sollen, an déi och d'Geleeënheet ginn, fir ze übe wéi een sech kann uleeën, fir méi autonom ze handelen.

Wee kann un den Aktivitéite vun der Life Academy deelhuelen?

Eis Aktivitéite wende sech u Leit mat enger geeschteger Behënnerung, ab 18 Joer. Dobäi muss ee wëssen, dass een net muss bei der Ligue HMC si fir matzemaachen. Mir fannen et wichteg (a mat der Erfahrung déi mir gemaach hunn) och ganz interessant, fir op ze si fir Leit vun ausserhalb. Et mécht d'Diskussioune méi breed well méi ënnerschittlech Erfahrungen zesumme kommen. Je méi verschidden d'Leit sinn, je méi verschidde sinn och d'Aspekter. Als Beispill : Mir haten d'Thema "Wunnen, meng Rechter a Pflichten". Do ware Jonker, déi réischt an der Ufanksphase vun hiren Iwwerleeunge sinn zesumme mat anere Leit, déi scho vill méi wäit waren, an dat war eng immens Beräicherung an der Aarbecht.

Heiansdo hu mir Aktivitéiten, déi just en Owend sinn, anerer sinn éischter e Cycle vun Owender, méi iwwert eng laang Zäit. Dat hänkt vum Thema of.

Eis Aktivitéite sinn am Prinzip gratis a mir kucken mat de Persounen zesummen, fir Transportméiglechkeeten ze fannen.

Wéi kënnen d'Leit op iech opmierksam ginn?

Mir hunn engersäits e Gespréichsgrupp, de FORUM. Deen trefft sech all Donneschdes an dat si Leit déi um Site vun der Cap schaffen.

Do niewent hu mir méi "onregelméisseg" Offeren. Fir déi gi mir Invitatiounen a liichter Sproch eraus. Si ginn un d'Ateliers-Responsabel an d'Foyeren, an déi ginn d'Informatioun weider un d'Leit an hire Gruppen (iwwer Aushänken, Gruppeversammlung,...). D'Invitatioune ginn dann och u verschidden Associatiounen ausserhalb verschéckt, bei deene mir eis virstelle waren, a bei deene mir Kontaktpersounen hunn.

A wéivill Leit kommen dann esou am Duerchschnëtt?

Dat hängt vum Thema of, heiansdo sinn et der wéineg, mee eng Kéier waren et der 15, an dat war eigentlech scho bal zevill e grousse Grupp.

Wéi sich dir d'Themen eraus?

Mir kucken, wat esou an der Aktualitéit lass ass, z.B. elo ware Wahlen an dunn hu mir en Informatiounsgrupp dozou proposéiert. Heiansdo ass et well mer matkréien, dass e bestëmmt Thema besonnesch interesséiert. Dat war z.B. de Fall zum Thema Mietvertrag. Heiansdo sinn et och einfach Iddien, déi mir selwer hunn, am Prinzip si mir op fir nei Propositiounen.

Dir hutt geschwat vum FORUM. Kënn der e puer weider Informatiounen dozou ginn?

De FORUM ass am Fong entstan nodeems d'Ligue HMC eng Kéier eng Demande kritt hat, dass Leit mat enger Behënnerung sollten e Workshop animéieren zum Thema "Wunnen". Doropshi war en Aarbechtsgrupp gegrënnt ginn, deen dësen Challenge preparéiert huet. De Workshop huet stattfonnt, an en ofschléissende Bilan. Den Aarbechtsgrupp, FORUM, ass bestoe bliwwen. Am Ufank hunn d'Leit, déi mat derbäi waren, sech onregelméisseg getraff. Elo ass all Donneschdes moies eng Versammlung. D'Membere si Persounen, déi um Site Capellen schaffen, dat aus praktesche Grënn. Inhalt vun de Versammlungen sinn Diskussiounen, déi de behënnerte Persoune wichteg sinn, mam Hannergedanken, fir si spieren ze loossen, wéi een dat mécht fir

- sech zu engem Thema ze informéieren
- sech eng eege Meenung ze bilden
- hier Iddien ëmzesetzen

Iwwert dee Wee hunn si z.B. selwer d'Iddi gehat, fir e Konveniat ze maachen, si hunn doropshi Kontakt mat der Direktioun opgeholl, si hunn am Comité d'Organisation matgeschafft, si hunn mat bestëmmt a mat organiséiert.

Anerersäits hält de FORUM och Formatiounen dobaussen am Kader vum Grupp MEGA[1] vum Info-Handicap, dëst z.B. bei der CFL oder bei Gemengen.

[1] Multidisziplinären Experte-Grupp fir Accessibilitéit

Ganz rezent huet de FORUM och eng Zäitschrëft erausginn : “Neiegkeete vum Grupp FORUM”, wou een net nëmmen Informatioune fënnt, mee och Hannergrondartikelen zu verschiddenen Themen.

D’Leit aus dem FORUM décidéieren wat den Inhalt betrefft. Zum Deel schreiwe si selwer (oder diktéieren) d’Artikelen, déi publizéiert ginn. Si sichen d’Fotoen eraus a plangen de Lay-out. D’Nummer 2 ass och schonn an der Aarbecht.

D’Zeitung läit bei der Ligue HMC aus, a wann een se wëllt bestellen, da kann een sech beim Mireille Schock oder bei mir mellen.

Wéi géif dir eigentlech är Astellung zu Mënsche mat enger Behënnerung beschreiwen?

Fir mech definéiert e Mënsch sech iwwert säi Charakter, seng Stäerkten a Schwächen, seng Virléiften,... D.h. ech hu keen anert Mënschebild vun enger Persoun mat enger Behënnerung wéi vun engem Mënsch iwwerhaapt. Behënnerung ass keen Aspekt vun engem senger Perséinlechkeet.

Mee Behënnerung huet Konsequenzen am Alldag, an et gëtt nach ëmmer vill Viruerteeler an der Gesellschaft.

Menger Meenung no gëtt e Mënsch behënnert duerch déi Hëllef, déi en net kritt oder net ka kréien. Dat ass meng Astellung esou wéi se sech mat der Zäit an den Erfahrungen, déi ech am Laf vu menger Aarbecht gemaach hunn, entwéckelt huet.

Merci fir d’Gespréich.

Souvill fir haut.

Wéi ëmmer freeë mir eis elo schonn iwwer Äre Feed-Back! Wann et Iech gefall huet, loosst eis et wëssen. A wann net, dann och! Merci.

bis geschwënn.

Ligue HMC asbl
82, route d'Arlon
L-8311 CAPELLEN
Tél. : 30 92 32 224 / 621 45 14 92